N°4750
Entrée le 14.09.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.09.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/09/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'Mobilitéitsministesch war rezent op enger Aarbechtsvisite an der Belsch, fir do mat de lokalen Autoritéiten iwwert d'Entwécklung vum grenziwwerschreidendem Transport ze schwätzen, notamment vum Zuch.

Op ville Fotoen ass d'Ministesch op de Garen souwéi an engem Zuch ze gesinn. D'Mobilitéitsministesch huet esou op de soziale Medien wëllen duerstellen, wéi wann si just den Zuch fir dës Rees geholl hätt.

Laut Informatiounen vu Leit, déi bei däser Déngschtrees dobäi waren, wieren d'Ministesch an hir Equipe awer net mam ëffentlechen Transport ënnerwee gewierscht, esou wéi d'Fotoen et géife menge loossen, mee mat hirer Déngschtlimousine.

Wann d'Regierungsmemberen mat esou Biller fir den ëffentlechen Transport werben, da stellt sech d'Fro, wéi konsequent si dann bei offizielle Visiten och op den ëffentlechen Transport zeréckgräifen, wann dëst einfach a praktesch méiglech ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Mobilitéitsministesch fir dës offiziell Visitt an der Belsch mam Zuch, respektiv mam ëffentlechen Transport, gereest?
2. Mat wéi engem Transportmëttel hunn d'Ministesch an hir Equipe dës offiziell Rees gemaach?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Kann Ministesch bestätegen, dass zu kengem Moment hier Déngschtlimousine op dëser Déngschtrees an der Ëmgéigend war?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten